

De Sekretär Louis Schiltz hält no 20 Joer op

Elvire Nober a Guy Schiltz mat de meeschte Kilometer beim Cercle pédestre

Fiels. An der 45. Generalversammlung vum Cercle pédestre, ënner dem Virsätz vum President Marc Nicolay, huet aus dem Aktivitéitsbericht vum Sekretär Louis Schiltz ervirgestach, dass bei der leschtjäreger IVV-Wanderung am Abrëll an der Fiels 1 650 Trëppler a bei der Wanderung am Summer zu Schous 715 Wanderer - dovunner 119, déi d'Marathonstreck bewältegt hunn - dobäi waren. Och de permanente Wanderwee (PW), mat Start beim Golf zu Chrëschtnech, war gutt besicht. De Veräin huet 59 aktiv Memberen.

Bei den nationalen IVV-Wanderunge vum leschte Joer haten 1 067 Wanderer sech fir de Veräin ageschriwwen. Am Ausland waren déi Fielscher Wanderer ë. a. op

der Wanderolympiad zu Koblenz. No 20 Joer als Sekretär huet de Louis Schiltz un seng Nofolgerin Josée Johann iwwegginn. Him gouf mat engem Kaddo Merci gesot. Aus dem Keesserapport vum Pol Turpel goung ervir, dass de Veräinsenge Memberen zwee Poloen an ee Fleece zur Verfügung gestalt huet, wouduerch 2017 méi Ausgabe wéi Einnahmen ze verzechnen sinn. De Keessier krut Decharge. D'Buergermeeschtesch Natalie Silva huet dem Veräin Merci gesot fir déi vill Reklamm no baussen, souwuel fir d'Fiels wéi och fir déi ganz Regioun.

De Cercle pédestre huet der FLMP beim Testmarathon fir de „All You Can Walk“ a beim Fouer-marathon gehollef, andeems

d'Membere fir Verfleegung op der Streck gesuergt hunn. Hëllef ass och nees fir den „All You Can Walk“ 2018 gefrot, eng Mammutorganisation den 31. Juli an 1. August an der Coque.

Zum Ofschluss huet de President Marc Nicolay besonnesch deene Leit Merci gesot, déi sech ëm d'IVV-Strecken an ëm de permanente Wanderwee këmmern. Mat engem Kaddo huet hien d'Veräinssenioren, déi d'lescht Joeree ronne Gebuertsdag gefeiert hunn, geéiert. Och déi beschte Wanderin, d'Elvire Nober mat 880 Kilometer bei 55 Wanderungen an de beschte Wanderer, de Guy Schiltz, mat 1371 Kilometer bei 61 Wanderungen, goufe geéiert.

Guy Schiltz via mywort.lu